N° 6009
Reçue le 02.05.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Gemeinsam Äntwert vum Här Ausseminister, vum Här Logementsminister, der Madamm Integratiounsministesch an der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Ufro n°6009 vum 31. Mäerz 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand KARTHEISER

Am Loyersgesetz vum 21. September 2006 gëtt et keng Dispositioun, déi engem Locataire verbitt, Flüchtlingen - ob ukrainesch oder vun enger anerer Nationalitéit - opzehuelen.

Wann e Locataire en Deel vun der gelounter Wunneng gären engem oder méi Krichsflüchtlingen zur Verfügung stellen well, kann dat wéi eng "*Tolérance*" nom Zivilrecht gekuckt ginn. Well bal all Proprietär weess, dat et momentan Enkpäss ginn fir déi vill Flüchtlingen am Land ënner ze kréien, wäerten déi meeschten wuel eng Präsens vun Flüchtlingen bei hirem Locataire fir eng gewëssen/temporär Zäit toleréieren, och wann den Locataire se net am Virfeld em hiren Accord gefrot huet, wat natierlech ze recommandéieren wär.

Eng Participatioun un den Chargen (keen Loyer) wär an esou enger Situatioun méiglech. Dat misst zwëschent den concernéierten Parteien diskutéiert an gekläert ginn.

Nom Loyersgesetz kann de Proprietär dem Locataire awer verbidden, eng "Sous-locatioun" un aner Leit, also och zum Beispill un Flüchtlingen, ze maachen (also een neien Kontrakt mat engem Loyer als Géigeleeschtung). Dëst muss awer explizit duerch eng Klausel am Loyerskontrakt präziséiert sinn, soss ass et erlaabt.

Persounen, déi de „statut de protection temporaire" hunn, kënne sech un de Nationale Büro fir Opnam (ONA) wenden, wann et zu Problemer komme sollt. Privatleit, déi mat der Croix-Rouge oder der Caritas a Kontakt waren fir Leit opzehuelen déi aus der Ukrain geflücht sinn, kennen sech un dës 2 Organisatioune wenden, wann et zu Problemer komme sollt.

Am Fall wou Locatairen oder Proprietären ënnert dem Regime vun der "Tolérance" Flüchtlingen bei sech ophuelen, gesäit d'Loyersgesetz keng Reegelungen vir, wéi Privatleit sech nees vun den Flüchtlingen trenne kënnen. Do ass d'normaalt Zivilrecht applicabel. Déi betraffe Leit kennen beim ONA logéiert ginn.

Leit déi hiren temporairen Schutzstatus nach net hunn, hunn Zougang zu de Gesondheetsleeschtungen. Dës Leeschtungen ginn vum Staat iwwerholl iwwert de Budgetsartikel 14.0.34.011 vum Gesondheetsministère « Traitement des maladies sociales et d'autres affections ; prise en charge de frais d'hospitalisation et frais de traitement de personnes indigentes: subsides ».

Lëtzebuerg, den 2. Mee 2022

(s.) Jean Asselborn

Den Aussen-an Europaminister